

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Bei der Rentrée 2017 – 2018 ass et zu enger Rei vun Enkpäss komm, fir d'Poste vun Enseignante an der Grondschoul mat Titulairen ze besetzen. Fir datt trotzdeem d'Schouklasse konnte konform mat der Schoulorganisatioun vun de Gemenge fonctionnéieren, ass zum Deel op de Pool vum Ersatzpersonal ("réserve des suppléants") zrëckgegraff ginn, zum Deel si Leit ouni déi néideg Qualifikatiounen ("Chargéeën") agestallt ginn.

Dëst ass ënner anerem dorops zrëck ze féieren, datt d'Zuel vun de Kandidate fir den Enseignement wäit ënner dem Zil leit deen de Staat sech ginn huet fir ze rekrutéieren. Dobäi ass awer virgesinn, am Staatsbudget fir 2018, datt honnerten nei Posten am Enseignement bäikommen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

- 1) Wéi héich ass den Undeel vu Chargéeën ënnert den Titulairen an der Grondschoul? Wéi huet dës Zuel an der leschte 5 Joer evoluéiert?*
- 2) Wéi eng Efforte gi gemaach, fir kuerzfristeg genuch Personal an de Pool vun Ersatzpersonal ze rekrutéieren an ze forméieren?*
- 3) Wéi gesäit et aktuell mat der Zuel vun den Enseignanten aus, déi als Ersatzpersonal an de Grondschoule sollen asprangen? Geet dës Zuel duer, fir eventuell op gréisser Ausfäll vun den Titulairen kënnen adequat ze reagéieren, z.B. bei enger Grippenepidemie?*
- 4) Kënne gréisser Gemengen, wéi z.B. d'Stad Lëtzebuerg, nach an Eegeregie op en Deel vum Pool vum Ersatzpersonal zougräifen?*
- 5) Huet de Ministère Zuelen, wéi vill Studenten am leschte Joer studéieren, déi eventuell a Fro komme fir de Rekrutement fir d'Rentrée 2018-2019? Gëtt ënnert dës Studenten aktiv Prospektioun gemaach, fir dës fir eng Plaz am Enseignement ze begeeschten?*
- 6) Wéi eng allgemeng Moosname plangt de Ministère, fir mëttelfristeg genuch qualifizéiert Personal fir d'Grondschoulen an de Secondaire ze rekrutéieren?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten